N°4915
Reçue le 30.08.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 30.08.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/08/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

De Bildungsminister huet de 27ten August iwwert säin offiziellen Twitter-Account matgedeelt, dass 87% vun den Enseignantë vollstänneg géint de Covid-19 geimpft wieren an, dass Schüler, Elteren, Geschwëster, Enseignanten an Educateuren sech weider impfe loossen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi kënnt de Minister un d'Donnéeën, déi dorobber schléisse loossen, dass 87% vun allen Enseignantë geimpft sinn? Sinn dës Donnéeën empiresch erfaasst ginn a falls jo, iwwert wéi ee Wee?

2. Kann de Minister d'Etüd verëffentlechen, ob déi dës Zuel sech baséiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4915 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement**

Dës Informatioune krut den Educatiounsministère op Nofro hi vum Gesondheetsministère. Bei der Preparatioun vun der Schoulrentrée war den Impftaux vun den Enseignanten ee wichtegt Element fir ze decidéieren, wéi eng sanitär Mesurë mussen an de Schoule geholl ginn.

Dës Informatioune stamen aus enger Datebank vum Gesondheetsministère, där hir gesetzlech Basis den Artikel 10 aus dem Covid-Gesetz ass.

Et handelt sech deemno net ëm eng Etude, mee ëm Informatiounen aus enger Datebank. Relevant Informatiounen aus dëser Datebank, wéi zum Beispill den Impftaux an de verschiddenen Alterskategorien, gi regelméisseg vum Gesondheetsministère publizéiert.